



schaffen an dat als eng Mataarbecht an dee ganze Projet vun dem Opbau vun engem Master an der Sonderpädagogik op der Uni mat eranzehuelen, datt mer do e Pak kéinten draus maachen an datt mer dann déi Aufgab, déi d'Uni do géif iwwerhuelen, och deementsprechend géifen honoréieren an unerkennen.

Ech mengen awer, datt nieft der Diagnostik och d'Adaptatioun vun de Léierpläng eng Aufgab ka si fir esou e Kompetenzzentrum, de Coaching vun all den Akteuren, siefen et déi um lokale Plang, um regionale Plang, an der formaler Bildung, an der nonformaler Bildung. Et kann och emol sinn, datt esou e Kompetenzzentrum eng punktuell ambulant Prise en charge vun engem Kand soll kënne maachen a grave Situatiounen, do, wou een um lokalen oder regionale Plang awer vläicht mat sengem Latäin um Enn ass a wou et einfach wichteg ass, datt nach méi spezialiséiert Personal sech där Aufgab do unhëlt.

Da gehéiert Eltererberodung do derzou. Och Formation continue ubidden iwwert den IFEN, dann herno och kënne verbreedten, sech an der Recherche engagéieren a virun allem awer och den Affekt ze si vun deene betraffene Kanner an de Schoulen an och doriwwer eraus, an dann awer och - an dee Ruff ass jo awer och hei e puermol de Mëtten erklongen - ze sensibiliséieren an e Bildungssystem eran, awer och an d'Gesellschaft eran, fir ze erklären: Wat ass eng Dys-Problematik a wat ass et och net, fir datt souwuel déi Professionell, déi domadder konfrontéiert sinn wéi awer och de breede Public sech ganz genoe eppes kënne dorënner virstellen, datt Remarquen, wéi se och effektiv heiansdo wéi kënne dinne, virun allem wa Kannerouere se mussen héieren, datt déi eigentlech och doduerch an Zukunft manner heefeg ginn oder am beschte ganz kënne op der Säit bliwen.

Ech hu gesot, et gëtt äänlech Kompetenzzentren, un deenen ee sech kann inspiréieren, vläicht just an anere Problematiken. Mir hunn de Centre de Logopédie, dee jo eigentlech e Kompetenzzentrum ass, deen och national schafft, deen och op regionalen Antenne schafft, deen awer och lokal an d'Strukturen era kucke geet.

Mir hunn awer och de SCAP, dee sécherlech, och wann en net direkt e staatlecht Institut ass, mä als Asbl fonctionnéiert, eng grouss Expertise a Kompetenz do opgebaut huet, op déi mer absolutt haut net kënne verzichten an och net wëlle verzichten a wou mer och musse kucken, wéi mer déi weider vernetzen.

Och wann nei Kompetenzzentren derbäikommen, denken ech, muss ee Stéchwuert ganz groussgeschriwwen sinn: Dat ass eben d'Vernetzung, datt keen do fir sech schafft, mä datt e permanenten Echange ass tëschent de Kompetenzzentren an awer och tëschent den eenzelnen Niveaue vun eise Bildungssystem, eise Bildungssystem, fir datt eben déi Kompetenz, déi mer vläicht gebündelt an deenen Zentren hunn, och kann erof bis an dat lescht Glidd vun eise Bildungssystem reechen. Esou kréie mer eigentlech jiddwereen avertéiert a jiddweree besser nach ausgeriicht op d'Besoinne vun Kanner, déi déi Problematik hei matbrénge.

Och eng aner Thematik, an déi ass de Mëtten eigentlech net esou richteg ugeschwat ginn, oder ee Moment kuerz an der Froestellung vun der Madamm Hetto: Wéi ass et mat der Zesummenaarbecht mat deene fräischaffenden Akteuren? Nun, et ass esou, datt den Office national de l'enfance och do Servicer mat finanzéiert, Fachservicer wéi zum Beispill Dys-positiv mat finanzéiert, awer och fräischaffend Ortho-

phoniste respektiv Ergotherapeuten iwwer Forfait ka finanzéieren an dat dann och regelméisseg mécht. Also och do si Moyenen do, fir deementsprechend ze hëllefen.

An och d'CNS, also d'Gesondheetskeess, ass sech hirer Responsabilitéit absolutt bewosst a mécht dat och an hält och eng Rei vun Aktivitéiten en charge vun Orthophonisten, vu Psychomotoriker, dann, wa se konform sinn zur Nomenclature a wa se awer och vun Doktere verschriwwen sinn, selbstverständlech.

An Dir hutt en anert Beispill hei opgezielt, dat kenne mir op jidde Fall net. Mir wëssen, datt d'CNS awer dat doten iwwerhëlt, wann déi Konditiounen hei erfüllt sinn.

Mäi Ministère gëtt och enger Associatioun, SOS-LRS, e järeleche Subsid vu ronn 50.000 Euro, well déi scho ganz laang och an deem doten Domän aktiv sinn, eng ganz grouss Erfahrung an och Kompetenz ugeheeft hunn an eigentlech och e Pionéier sinn, well aus Mangel vu Reaktivitéit vun de staatleche Stellen do eigentlech gehandelt ginn ass virun enger Rei vu Joren. A fir datt d'Elteren do net ze déif an d'Täsch solle gräifen, iwwerhëlt och de Ministère do dat iwwer e Subsid.

A mir sinn och an Diskussioun mam SCAP, wat hir Raimlechkeeten ubelaangt. Well se an engem Zentrum sinn, wou eigentlech d'Raimlechkeete fir aner Kanner awer optimal sinn, si mer och amgaangen ze kucken, ob mer se net op eng aner Plaz kënne hikeréien, wou se vläicht nach besser Entwécklungsméiglechkeete selwer hunn. Do ass dat lescht Wuert nach net geschwat ginn. Ech denken awer, datt mer do relativ schnell och gutt Léisungen och fir de SCAP kënne fannen, déi éischerter nach besser Perspektive fir hir Entwécklung kënne ginn.

Mir hëllefen also haut scho mat Infrastrukturen an och muer. Mir hëllefen och mat Personal, wat mer zur Verfügung stelle fir de SCAP, a mir hëllefen och iwwer eng Konventioun mat Geld, fir datt de SCAP seng Aarbecht kann erfüllen. An dat wëlle mer natierlech och weiderhi maachen.

Et ass d'Fro vun enger Dialogplattform ugeschwat ginn. Dat war och eng vun de Konklusiounen um Dys-Forum, déi mir eigentlech sympathesch ass, well ech selwer mierken, wann ech mat concernéierten Eltere schwätzen, och Enseignanten, mat den Asblen aus deem ganze Secteur, datt d'Kommunikatioun do sécherlech net ëmmer optimal ass. An duerfir muss een doriwwer nodenken.

Ech hat selwer elo d'Geleeënheet, an de leschte Woche mech do nach mat villen Akteure kënne auszetauschen, well ech och proposéiert hunn, wat mer amgaange sinn ze maachen: eise Programm fir d'Equipe multiprofessionnelle opzestocken, eise Programm fir déi 150 spezialiséiert Schoulmeeschteren a Léierinnen an d'Schoulen ze kréien. Dat fënnt duerchaus Zoustëmmung do.

Eng gewësse Skepsis begéint een och, well déi Leit awer net ëmmer déi allerbeschten Erfahrung och mat dem Bildungssystem am Allgemenge gemaach hunn, mä si gesinn awer, datt sech hei eppes an déi richteg Richtung beweegt. An duerfir, mengen ech, ass et wichteg, datt mer Strukture schafen, wou ee sech regelméisseg kann austauschen. An dat soll och hei wierklech net vergiess ginn.

Dann nach e lescht Wuert vläicht zu der Reform vun der Education différenciée. Jo, alles dat, wat ech eigentlech hei gesot hunn, ass en Deel - e klengen Deel - vun der Reform vun der Education différenciée, wou mer amgaange sinn drun ze schaffen.

Dir wësst, datt mer nach eng Rei vun anere Prioritéite virum Summer hunn, fir Gesetzestexte fäerdeg ze kréien. Dat wäerte mer och maachen. Dee ganze Pak iwwert d'Reform vum Secondaire, déi multilingual Frëiförderung an eng Rei vun anere Gesetzer wäerten nach duerch de Regierungsrot kënne goen, mä wat d'Konzept ubelaangt fir d'Reform vun der Education différenciée, sécherlech nach eng méi breet ugeluechte Reform wéi déi eenzel, éischerter punktuell Moosnamen, déi ech elo de Mëtten hei konnt virstellen, do lafen d'Reflexiounen an d'Diskussiounen. An déi éischt Pabeiere sinn och geschriwwen. An ech denken och, datt een do mam Secteur virun allem an nächster Zäit kann nach eng Kéier an d'Diskussioun kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, souwäit zu deem, wat de Ministère amgaangen ass do ze schëlleren, fir deene betraffene Kanner an hiren Eltere ganz besonnesch awer kënne e beschtméiglechen Encadrement ze bidden, och Hoffnung kënne ze bidde bei där viller Verzweiflung, déi se am Laf vun de Joren heiansdo, wou se dee Kampf do scho féieren, oft erlieft hunn.

Ech wëll nach eng Kéier soen: Et kann ee viles maachen. Ech wëll nach eng Kéier soen: Mir kënne eis sécherlech och nach besser opstellen, mä Wonner kënne mer och keng bewierken, an déi beschte Moosnam och net ëmmer. Duerfir ass et awer esou, datt mer méi musse maachen, wéi mer haut maachen, datt mer eis déi Moyene musse ginn, fir deene Kanner mat enger Dys-Problematik adequat kënne ze hëllefen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och, Här Minister. D'Interpellantin wëllt nach eng Fro stellen. Jo, Madamm Hetto-Gaasch.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), interpellatrice.** - Jo, Merci, Här President. Also, ech wëll fir d'Éischt emol dem Minister e ganz häerzleche Merci soe fir déi grouss Bereitschaft, déi en awer hei geäussert huet, fir mat op de Wee ze goen, fir déi ganz Problemer do unzepaken.

Et waren nach zwou kleng Saachen, wou Der mer elo net drop geäntwert hutt. Ech ka se och nach eng Kéier schrëftlech norechen, mä ech mengen, Dir kënnt mer an engem Saz äntwerthen.

Zum Aménagement raisonnable, dee mer de Moment hunn an de Lycéeën: Kënnt Der lech dat virstellen, dass mer dat och géife fir de Fundamental maache respektiv och op der Uni?

An déi aner Saach ass déi vum SCAP, Dir hat et och ugeschwat, de SCAP, deen absolutt iwwerfuert ass mat Aarbecht, mat Waardelëschten: Sidd Der do bereet matzegoen, fir deen opzestocken a fir eventuell iwwer Land och Antennen ze schafen, fir dass jiddwereen e gud-den Accès huet zu där doter Hëllef?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Ech mengen, datt ech déi zwou Froen awer ugeschnidden hat.

Wat d'Méiglechkeete vun der Commission des aménagements raisonnables am Secondaire ubelaangt, hunn ech scho gesot, datt mer och der CIS déi wëlle ginn. Si huet haut en Deel vun deene Méiglechkeeten, mä awer och, wa si se net all huet, datt mer dann der CIS déi kënne ginn, déi d'Commission des aménagements raisonnables am Secondaire haut huet, an datt mer och iwwer där hir Méiglechkeete

vun Aménagement am Secondaire nodenken a kucken, ob mer déi net kënne ausbauen. Dat ass dat, wou mer amgaange sinn doriwwer nozedenken.

Wat de SCAP ubelaangt, ass eng éischt Prioritéit, fir ze kucken, datt mer e raimlech op eng adequat Plaz kënne transferéieren, wou e wierklech och weider säi Service kann oprecht erhalten an och kann ausbauen op där Plaz an optimal Fonctionnementskonditiounen och do wäert virfannen. Ech denken och, datt mer do relativ zäitno gutt Léisunge kënne fannen.

Ech weess, datt schonn zënter Längerem doriwwer nogeduecht gëtt, fir deen Service ze dezentraliséieren, fir méi no och bei d'Leit ze kommen. Ech mengen, do muss een herno nach eng Kéier doriwwer nodenken. Wa mer Kompetenzzentren schafen, och fir Kanner mat Verhalensopfällegkeeten oder Kanner mat enger Dys-Problematik, dann, mengen ech, muss een och kucken, d'Rollenopdeeling nach eng Kéier kloer ze diskutéieren.

Wat mécht de SCAP doranner? Ech gesinn, datt en eng grouss Erfahrung huet, op déi mer net kënne haut verzichten an och muer net solle verzichten, mä et muss een dann awer kucken: Wéi ass d'Zesummespill mat neie Kompetenzzentren a wie këmmert sech da wou an em wat? A wéi kënne mer och den Transfert de compétence do assuréieren? Da soll dann dee Moment och an deem Kontext gekuckt ginn, wéi de SCAP sech soll entwéckelen, och par rapport zu deenen neie Kompetenzzentren.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister. Domat wäere mer um Enn vun der Diskussioun iwwert d'Interpellatioun ukomm.

A mir géifen zu eise nächste Projet iwwer goen. Dat ass de Projet de loi 6985, deen d'Orientéierungsprozedur beim Iwwergang vum Fundamental an de Postprimaire soll nei regelen. An de Rapporteur, den honorabele Gilles Baum, ass scho prett.


7. 6985 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse


► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mam virleiende Projet de loi ännere mer d'Schoulgesetz vum 9. Februar 2009 of. Mir vereinfachen den Iwwergang vum Primaire an de Postprimaire, vum sechste Schouljoer op Septième also. Mir maachen d'Prozedur méi einfach a mir ginn den Elteren daitlech méi Matsproocherecht an der Entscheidung, ob hir Kanner an de Lycée classique, de Lycée technique oder op de Régime préparatoire orientéiert ginn.

Dir wësst, dass bedéngt duerch d'Aféierung vun de Bilanen d'Elteren dräimol pro Schouljoer bei de Schoulmeeschter oder bei d'Joffer geruff ginn, fir zesummen ze kucken, a wat fir enge Fächer d'Kand scho gutt schafft a wou et sech nach muss ustengen. Am Laf vum Fundamental ginn d'Elteren also net manner wéi 18-mol - op d'mannst 18-mol! - bei d'Léierpersonal geruff, fir déi schoulesch Fortschreitter vum Kand ze suivéieren.

Bon, wann ech u meng Schoulzäit zrëckdenken - an ech mengen, mir alleguerten heibannen -, mir kruten d'Zensur an de Schoulsak gestach an dat war da quasi déi eenzeg Informatioun mat de Punkten, déi d'Eltere kruten. An ech



Suivez la Chambre des Députés
sur FACEBOOK
et TWITTER





Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

muss soen, dass déi Entwécklung, wéi se haut ass, souwuel fir d'Eltere wéi och fir d'Kand, mä ech mengen, och fir d'Léierpersonal op alle Fall ganz positiv ass.

Um Enn vum Cycle 4.2, um Enn vum sechste Schouljoer also, koom bis elo e Conseil d'orientation zesummen. Dee bestoung aus der Léierin oder dem Schoulmeeschter, zwee Professeuren aus dem Enseignement secondaire - een aus dem Secondaire classique, een aus dem Secondaire technique - an dem Schoulinспекter. Dëse Conseil huet sech da mat de schoulesche Leeschtunge vun all eenzelmem Kand ofginn, andeems d'Resultater vum sechste Schouljoer gekuckt gi sinn, och d'Resultater vun deenen nationalen Tester, déi gemaach ginn, an awer och den Dossier, deen zesummegestallt gëtt a wou eng Rei Aarbechten dra sinn. Dat konnte Produktiounen sinn, Diktater, Aufsätze oder méi kreativ a kniwweleg Aufgaben.

D'Eltere waren an dësem Conseil net vertrueden, hunn awer en Ziedel ënnerschriwwen, op deem si matgedeelt hunn, a wat fir engem Ordre d'enseignement dass si hir Kanner gärten hätten. Louchen d'Elteren net op der Linn mam Avis vum Conseil d'orientation, dann ass e Recourseexamen ugebuede ginn. En Examen d'accès konnten d'Kanner an deem dote Fall schreiwen.

E bësse Statistik zu dësem Schouljoer: Um Enn vun dësem Schouljoer goufe 5.063 Kanner nom sechste Schouljoer orientéiert, 35,4% sinn op de Lycée classique orientéiert ginn, 47,6% op de Lycée technique, 16% an de Régime modulaire an 1% mécht d'sechst Schouljoer nach eng Kéier. An dës Zuelen, prozentual gesinn, si quasi identesch mat deenen Zuele vum leschte Joer.

Dëst Joer gouf et a 86% vun de Fäll eng Iwwereneestëmmung tëschent dem Avis vun den Elteren, wou d'Kand soll higoen, an dem Avis vum Léierpersonal. D'lescht Joer waren dat 82%. Dëst Joer hunn awer och 260 Kanner d'Épreuve d'accès gemaach. 130 Kanner hu se gemaach, fir op de Lycée classique ze kommen, an 130 Kanner fir an de Lycée technique. 4,6% vun deene Kandidaten hunn et an de Lycée classique gepackt an 3,1% hunn et an de Lycée technique gepackt.

Opgrond vun dësen Zuelen, dat heescht iwwer 80% Zoustëmmung bei den Elteren, an awer och deem immens déiwe Prozentsatz vu Kanner, déi am Examen-recours Succès hunn, ass entscheet ginn, fir d'Prozedur fir den Iwwergang vum Fondamental an de Lycée ze erliichteren.

Wat ännert elo konkret? D'Orientatioun, déi fänkt schonn am fënnefte Schouljoer un, am Cycle 4.1, wou an de Gespréicher mat den Eltere scho ka gekuckt ginn, wuer si hiert Kand gärten nom sechste Schouljoer orientéiert hätten. Dobäi gëtt d'Kand als e Ganz gekuckt. An nieft senge schoulesche Leeschtunge ginn och seng Interessen, wéi d'Kand léiert, wéi vill Zäit et brauch, mä och seng kreativ Säite mat a Bezuch geholl. Natierlech gëtt och fir all Kand weider en Dossier iwwert d'Produktiounen iwwert déi zwee Joer ugeluecht. Déi national standardiséiert Épreuve bleiwe bestoe souwéi d'Präsenz vum engem Psycholog an der Orientatioun, wann d'Elteren dat wëllen.

D'Orientationsprozedur gëtt elo op zwee Joer gestreckt am Cycle 4; et gëtt dräi Gespréicher mam Titulaire am fënnefte Schouljoer, am Cycle 4.1; eng Informatiounsversammlung, déi iwwert déi nei Prozedur opkläert; d'Méiglechkeet, awer och schonn am fënnefte Schouljoer am Kader vum ORIKA an de Lycée eranzeluussen. Den Entretien am drëtten Trimester soll am Kader vum Bilan festleeën, wou d'Stärkten an d'Schwächen vum Kand leien,

wou d'Kand also scho ganz gutt schafft a wou d'Kand sech nach muss druginn.

Am Cycle 4.2, am sechste Schouljoer also, gëtt et zwee Gespréicher mam Titulaire. An dat drëtt Gespréich gëllt als Entretien d'orientation, an deem d'Entscheidung, wou d'Kand dann hinorientéiert gëtt, festgehalen gëtt. Och am sechste Schouljoer steet den ORIKA um Programm, natierlech och d'Épreuves communes, déi national standardiséiert Tester.

Well a wäit méi wéi 80% vun de Fäll d'Elteren an d'Léierpersonal deiselwecht Meenung hunn, wat déi schoulesch Zukunft vun de Kanner ugeet, fällt de Conseil d'orientation a senger jëtzege Form also ewech.

Wann d'Elteren an de Schoulmeeschter sech eens ginn, ënnerschreiwe si gemeinsam um Enn vum sechste Schouljoer en Avis d'orientation, fir d'Kand an den Enseignement secondaire, de Secondaire technique oder op de Modulaire ze schécken.

Am Fall, wou keng Eenegung ass tëschent dem Léierpersonal an den Elteren, trëtt déi nei Prozedur a Kraaft. D'Eltere ginn dann an d'Commission d'orientation geruff, déi vum Schoulinспекter presidéiert gëtt. Ageluede sinn also d'Eltere vum Kand, den Titulaire vun der Klass an de Psycholog, falls dat vun den Elteren erwünscht ass. Emmer derbäi ass och de Schoulinспекter, en Enseignant aus dem Cycle 4, e Psycholog aus dem CPOS, e Professeur-orienteur aus dem Lycée classique an e Professeur-orienteur aus dem Lycée technique.

An dëser Commission d'orientation soll dann zesumme mat den Elteren déi bescht Léisung fir d'Kand fonnt ginn. An dobäi gëtt sech natierlech op den Dossier referéiert, deen da matbruecht gëtt, mat all de Produktiounen vum Kand aus deenen zwee Joer, op déi national Tester an natierlech och d'Resultater vum Kand am fënneften a sechste Schouljoer an den Tester, déi an de Fächer Däitsch, Franséisch, Rechne gemaach ginn.

Eng Neierung ass dann och, dass den Examen-recours, en Examen d'accès, ofgeschafft gëtt, dee bis elo bestanen huet, deen de Kanner d'Méiglechkeet ginn huet, fir de Recours ze maache géint den Avis vum Conseil d'orientation. Deen Examen fällt an Zukunft ewech.

An der Kommissioun haten d'Kollege vun der CSV en Amendement agereecht, fir deen Examen bäizebehalen. D'Majoritéit vun de Membere waren allerdéngs der Meenung, et sollt een am Kader vun der neier Reform a baséierend op deene Resultater, déi ech lech elo just gesot hunn, net un engem alen Deel vun der Orientatioun festhalen.

Dëst Gesetz trëtt a Kraaft am Ufank vum Schouljoer 2016-2017, dat heescht am September, fir déi Kanner, déi an d'fënnefte Schouljoer kommen an dann déi nei Prozedur duerchlafen. Déi Kanner, déi elo an d'sechst Schouljoer kommen, déi bleiwen nach an där aler Prozedur, dat heescht mam Conseil d'orientation an eventuell mam Recourseexamen.

Ofschléissend wëll ech lech dat mat op de Wee ginn, wat ech och ganz oft den Eltere gesot hunn, wa se d'Kanner bei mir am sechste Schouljoer haten. Dann hunn ech hinne gesot: „D'Orientatioun ass elo fäerdeg, mä et ass awer kee Fräibrëif fir dat, wat hannendrukënt. An et muss ee sech natierlech bei deem, wat hannendrukënt, déi Studien, déi hannendrukommen, op ganz, ganz vill Aarbecht astellen.“

Ech hunn emol erlieft, dass, nodeems e Kand aus dem sechste Schouljoer erauskomm ass, de Knuet op eng Kéier immens gutt opgaangen huet. Ech hunn awer och erlieft, dass Kanner waren, déi ganz gutt an der Schoul waren an

op eng Kéier aus deem enge Grond oder deem aneren an der Schoul net méi richteg gutt virukomm sinn.

An aus dësem Grond, Här President, wollt ech lech eng Motioun iwwerreechen, an där mer wëllen d'Méiglechkeete fir d'Iwwergäng tëschent deene verschiddenen Ordre-d'enseignements, d'Passerellen, an Zukunft an eise Schoule weider stärken. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que le projet de loi 6985 modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental entend réorganiser la procédure d'orientation des élèves au quatrième cycle de l'enseignement fondamental pour la rentrée 2016-2017,

- que la procédure d'orientation sera étalée sur toute l'étendue du quatrième cycle (cycles 4.1 et 4.2),

- que la décision d'orientation sera prise d'un commun accord entre les parents de l'élève et titulaires de classe,

- que l'épreuve de recours à l'ordre d'enseignement souhaité sera supprimée,

convaincue

- que la procédure d'orientation doit se faire de manière transparente et équilibrée,

- que l'orientation constitue un moment crucial du parcours scolaire d'un élève,

- qu'une prise en charge personnalisée de l'élève est donc primordiale,

invite le Gouvernement

- à mettre à disposition les ressources nécessaires, tant financières qu'en ressources humaines, pour une mise en œuvre de la nouvelle procédure d'orientation dans les conditions les meilleures,

- à sensibiliser les établissements scolaires afin de proposer un encadrement spécifique pour les élèves qui se distinguent dès la fin du 1^{er} trimestre par leurs bons résultats scolaires,

- à promouvoir la mise en place de passerelles entre les différents ordres de l'enseignement dans les établissements scolaires.

(s.) Gilles Baum, Claude Adam, Tess Burton.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.-* Merci.

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur.-* Ech soen lech alleguerde Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.-* Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci. An och e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Gilles Baum, fir säin ausféierleche Rapport. Wat ass bis elo kritiséiert gi bei der Orientierungsprozedur, déi jo elo reforméiert gëtt? Bei der allgemenger Prozedur u sech net ganz vill. Déi gëtt awer elo geännert. D'Kritären, no deenen orientéiert gëtt, näamlech virun allem d'Sproochen, ware schonns méi dacks an Diskussioun. Mä soulaang wéi sech näischt am Enseignement secondaire um System ännert, müssen dës Kritäre vun der Orientierung esou bäibehale ginn.

Duerfir si mer als CSV der Meenung, datt op d'mannst zwou Froen am Virfeld hätte misse beäntwert ginn.

Éischtens: A wéi eng Richtung soll den Enseignement secondaire reforméiert ginn? Wëlle mer hei méi e flexibele System vun de Sproochen ubidden op de Klassen? An den Ae vun der CSV brauche mer hei dringend en neie Kader, deen de Ministère muss definéieren. An duerfir meng Fro - ech hat se scho gestallt beim Débat iwwert den État de la nation, mä du war den Här Minister leider net do: Wéini kënnt d'Reform vum Secondaire?

Eng zweet Fro: Wéi kënne mer den Technique méi attraktiv maachen? Wéi kënne mer d'Handwierk méi attraktiv duerstellen? Dës Fro misst beim gesetzleche Kader vun der Maison de l'orientation gestallt ginn. Ech zweifelen awer drun, datt dat richteg gemaach gëtt.

Här President, Dir Dammen an Hären, dann elo zum Projet de loi selwer. Als CSV begreisse mer zwee Punkten:

Éischtens: méi gezielt Gespréicher mat den Elteren, méi eng staark Abannung vun den Elteren ab dem Cycle 4.1. Dat ass awer näischt komplett Neies, well och bis elo si schonn am Cycle 4.1 dräimol Gespréicher gelaf.

Zweetens: d'Bäibehalen - och elo näischt Neies - vun den Épreuves communes. Den Här Meisch sot zwar, mir wäeren endlech aus dem Examen-

zäitalter eraus. Duerfir si mer ëmsou méi frou, datt d'Épreuve bäibehale gi sinn. Si sinn, éischstens, e relativ objektiv Vergläichsinstrument. An zweetens: Eis Kanner müssen och Jéieren, mat limitéierte Stresssituatiounen - d'Épreuve stellen nëmmen een Deel vum ganzen Dossier duer, dee bei der Orientierung gekuckt gëtt, dat muss fir jiddweree kloer sinn -, mä mat deene Stresssituatiounen eens ze ginn. Den Émgang mam Stress muss och geléiert a geübt ginn. Ech erënnere do un d'Lidd vun den „Dëppegeisser“: „D'Liewen ass kee Kichelchen“.

Als CSV hu mer awer eng Partie Punkten, déi mer gäre wëllen hannerfroen; ganz genau dräi.

D'Enseignanten an d'Eltere solle sech jo am beschten eens ginn, soss hëlt d'Commission d'orientation eng definitiv Léisung. Den éischte Punkt ass eng Feststellung: Den Drock op d'Enseignante wäert zouhuelen. Den SEW huet dat och gesot. Bis elo war et ëmmer eng gemeinschaftlech Décisioun vun der Kommissioun. Elo mécht hien dat eleng mat den Elteren.

Zweete Punkt, ganz wichteg: Wéi ka garantéiert ginn, datt d'Elteren an den Enseignant déi verschidden Ordres d'enseignement, iwwert déi si jo decidéieren, mat hire jeeweilegen Uspréich an den ënnerschiddleche Beruffs- a Studieméiglechkeete kennen? Virdu war bei der Orientatioun ëmmer een Enseignant aus dem ES an een aus dem EST derbäi.

Mir kruten zwou Léisungsméiglechkeete gesot. Dat Éischt: ORIKA. Elo sollen d'Kanner schonns am Cycle 4.1 bei den Aktivitéite matmaachen. Hei misst an eisen Ae fir d'Éischt e konkret Konzept ausgeschafft gi respektiv dat, wat elo do ass, iwwerschaaft ginn. Dat krute mer och esou an der Kommissioun confirméiert. Da froen ech elo: Ass dëst Konzept schonn do? An: Wëssen d'Lycéeën iwwerhaapt Bescheid, datt dëst soll d'nächst Joer am Cycle 4.1 schonns ulafen?

Eng zweet Léisungsméiglechkeet war de Professeur-orienteur, deen d'Elteren an d'Schüler soll beroden. Kann den Här Minister eis erklären, wéi dat konkret soll an de Schoulen um Terrain oflafen? Also ganz vill Froen zu dësem Punkt.

An en drëtten Punkt: Als CSV si mer genauso wéi d'Schülerkonferenz net domadder averstannen, datt den Här Meisch d'Méiglechkeet vun engem Recours iwwer eng Épreuve wëllt ofschafen. Dëst wär eng ganz einfach Méiglechkeet vu Recours gewiescht, déi ouni vill Opwand kann organiséiert ginn. Elo bleift an deem Fall, wou d'Elteren net mat der Orientierungsdecisioun averstane sinn, just de Recours virum Verwaltungsgericht. Fir sozial schwach Famillje wäert dat éischter keng Léisung sinn. Et ass also net onbedéngt gerecht.

An deen zweete Punkt do ass: Wéini hëlt d'Verwaltungsgericht eng Décisioun, wann et am Juni domadder befaasst gëtt? Dat riskéiert, eng theoretesch Recoursméiglechkeet ze ginn, wann d'Urteel net fir de Juli do ass, wann d'Inscriptiounen sinn.

Et gëtt also keng alichtend Ursach, fir dëst ofzeschaffen. Duerfir hate mer als CSV en Amendement an der Kommissioun proposéiert - den Här Baum sot et schon -, fir dës Épreuve erëm anzeféieren.

Dem Här Meisch säi virgestalltene Projet iwwer besser Passerelle vum Technique an de Classique aus dem Escher Lycée ass sécherlech interessant, mä dat eent schléisst dat anert net aus. Mir sollen déi zwou Saache maachen.

Wéi mer an der Kommissioun iwwer eist Amendement diskutéiert hunn, waren och op Majoritéitssäit Leit, déi eis Propos sympathesch fonnt hunn, mä dat ass relativ séier ofgeblockt ginn an et ass decidéiert ginn, dee Moment net ofzestëmmen, mä déi eenzel Parteie sollten nach eemol an hire Fraktiounen driwwer diskutéieren. Du war et jo relativ kloer, datt et géif refuséiert ginn, wat jo och esou geschitt ass.

Mä dat, wat eis rose mécht, ass déi regelméisseg respektlos Haltung vum Här Minister vis-à-vis vun der Chamber! Well schonns den Dag ier mer ofgestëmmt hunn, huet den Här Minister a senger Pressekonferenz zu dësem Projet de loi gesot, datt d'Épreuve natierlech géif ofgeschafft ginn. Hätt hien net zumindest kënnen de Vott an der Kommissioun ofwaarden?

Dir Dammen an Dir Hären, hei schwätze mer iwwert de Beräich vun der Éducation. Da géif ech mer wierklech vum Här Minister esou vill pädagogesch Fingerspëtzegefill erwaarden, datt en der Chamber zumindest d'Gefill gëtt, datt si kéint eppes decidéieren.

Opgrond vun all dëse Bemerkungen a Froen wäerte mir eis bei dësem Projet de loi enthalten.



► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Hansen. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll dann och ufänken an dem Rapporteur fir d'Éischt Merci soe fir seng gutt Aarbecht hei. Mir als LSAP begrüissen och déi geplangten Ëmännerunge vun der Orientatiounsprozedur am Fondamental, well se fir méi Transparenz suergen a virun allem och d'Eltere méi fréi am Fong dru bedeelege wäerten.

D'Orientatioun vum Enseignement fondamental an de Secondaire ass eng ganz wichteg Etapp am Liewe vun all Schüler. Vun hirer Orientéierung hänkt duerno vill of, ob si mat Succès oder net hir Schoul nom Fondamental meeschteren an och, wéi ee Wee si herno fir hiert spéidert Liewen aschloe wäerten.

Mir begrüissen et dowéinst, dass déi ganz Prozedur schonn éischter ufänkt wéi bis elo, näamlech am éischte Joer vum véierte Cycle. Et gëtt den Enseignanten d'Méiglechkeet, fir scho relativ fréi anzuschätzen, wéi eng Kompetenzen d'Kand huet, an da mat den Elteren ze diskutieren, wéi ee System am beschte fir hiert Kand ass. Et soll, wéi gesot, gekuckt ginn, d'Kand op Basis vu senger Kompetenzen ze orientéieren, mä awer och genausou op Basis vu sengen Interessen. Oft mengen d'Elteren, hir Kanner missten an de Secondaire classique, obwuel se awer vläicht méi Spaass herno un engem technesche Beruff hätten.

Och hei solle mer weider un engem Mentalitéitswiessel schaffen: Eng Richtung ass net méi schlecht wéi déi aner. E Kand huet einfach aner Méiglechkeeten, jee nodeems, wéi eng Schoulen et herno duerchleeft.

E weidere Grond, firwat mer déi nei Prozedur begrüissen, ass, dass et bei sougenannte Grenzfall méiglech gëtt, scho méi fréi Schwächen ze erkennen an dorunner ze schaffen, soudass d'Kand zum Beispill, wann et wëllt, awer op en aneren Niveau kann orientéiert ginn. D'Kand huet méi eng laang Zäit, fir sech an der Schoul ze verbessern an dorobber virzubereeden.

Fir de Fall, wou d'Elteren an den Enseignant sech net eens wäeren, gëtt jo, wéi de Rapporteur dat erkläert huet, an där nei geschaafter Kommissioun tranchéiert. D'LSAP begrüisst et, dass d'Elteren do och matstëmme kënnen an un den Diskussiounen iwwert de Firwat vun enger Orientéierungsdécsioun kënnen deel huelen.

Mir als LSAP haten och Bedenken, wat d'Ofschafe vum Examen ugeet, allgemeng, well mer och net gären e méigleche Recours ofschafen. Allerdéngs geet et hei an dësem Fall ëm d'Wuel vum Kand. An eis schéngt et net am Intérêt vun engem Kand ze sinn, wann et no den negativen Décisioun vum Titulaire an der Kommissioun och nach en Échec an engem Exame verkraaft muss.

Wéi de Rapporteur erkläert huet, packen nëmme wéineg Kanner dësen Examen, an de Risiko ass och do, dass se den Exame packen, mä duerno awer am Lycée net richtig nokommen an erëm wiessele mussen. Duerfir begrësse mer ëmsou méi, dass grad dës Kanner, déi net no hirem Choix orientéiert gi sinn oder och net konnten, nach eng Kéier déi néideg Ënnerstützung herno am Lycée kréien, fir hiert perséinlecht Zil ze erreechen.

De Minister hat ugekënnegt, dës sougenannt „Passerellen tëscht de Schoulsystemer ze fërdereen an ze verbessern, fir et de Kanner ze erlaben, wa festgestallt gëtt, dass se falsch orientéiert goufen oder net dohinner orientéiert gi sinn, wuer se wollten, nees an en anere System eriwirrwiessele ze kënnen. Duerfir hu mir als LSAP och dës Motioun mat ënnerschriwwen, well dëst en neie Wee ass, dee méi am Interessi vum Kand ass.

A voilà, dëst gesot, ginn ech natierlech och den Accord zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Burton. Den nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Iwwergang vun engem Schoulsystem an een aneren ass fir all Schüler an Elteren ëmmer e groussen Aschnëtt. An dat ass besonnesch e groussen Aschnëtt fir Schüler, déi an engem Schoulsystem sinn, dee vun engem System an en draiglidrege Schoulsystem iwwergeet, esou wéi mir dat hunn a wéi dat am däitsch-sproochege Raum de Fall ass: Däitschland, Éisträich, Schwäiz an esou weider. Et gëtt jo och

eng Rei Länner, wou an deenen ënneschte Klasse vum Secondaire eng Filière unique ass, zum Beispill déi skandinavesch Länner, awer och Länner a Südeuropa.

déi gréng vertrieeden d'Meenung, dass eng Filière unique zwar net all d'Problemer automatesch léist, mä awer eng sozial méi gerecht Solutioun fir d'Schüler ass. A mir ënnerstëtzen all Bestriewungen, déi d'Iwwergang vun enger Filière an déi aner méiglechst einfach maachen an et méiglech maachen. E Schüler, dee mat 12, 13 Joer an e Modulaire, an e Secondaire technique oder an e Secondaire classique orientéiert gëtt, dee soll d'Méiglechkeeten hunn, an déi eng oder aner Richtung ze wieselen, wann hie sech anescht entwéckelt, wéi seng Orienteure geduecht hunn oder wa seng Orienteure sech ganz einfach geiert hu bei der Orientatioun.

Wat heescht dat dann elo fir d'Orientatiounsprozeduren am Cycle 4? Majo, an der ganzer Grondschoul huet d'Décsioun, ob e Schüler an deen nächste Cycle kënnt, zënter dem Schoulgesez vun 2009 staark geännert. Et gëtt keng Zensure méi mat Punkten, mä et gëtt Bilanen, déi d'Elteren an d'Schoul siche ginn a vum Enseignant iwwerrecht an erkläert kréien. Den honorabele Rapporteur, de Gilles Baum, huet zu Recht gesot: Dat si mindestens 18 Entrevuen, déi stattfannen an der Schoul tëscht Elteren an Enseignanten. Dat ass anescht wéi an der Schoul virun 2009.

Et ass och net méi d'Décsioun vum Titulaire vun enger Klass eleng, mä et ass déi Décisioun vun enger Équipe pédagogique, déi festleet, ob e Schüler an den nächste Cycle kënnt oder net. A wann d'Elteren net d'accord sinn, da kënnen se Recours beim Schoulinnspekter huelen. Mir sinn der Meenung, dass dës Aart a Weis am Intérêt vun de Kanner, vun den Elteren a vun der Schoul ass.

Well d'Décsioun um Enn vum Cycle 4 eng besonnesch schwierig ass, wéinst eben eise draiglidrege System am Secondaire, kréien d'Elteren an d'Enseignanten eng Rei Hëllef. Schonn am fënnefte Schouljoer - an dat steet jo an deem Gesetz, wat mer haut votéieren - sinn individuell Entrevuë festgeluecht. An dës Entrevuë ginn am sechste Schouljoer weider. An et soll och ugeschwat ginn, ëm wat et geet: d'Stärkten an d'Schwächen vum Schüler, an déi eventuell Konsequenzen dorausser fir seng Orientatioun.

Et sollen och Produktiounen vum Schüler gekuckt ginn. A fir e bëssen en Iwwerbléck ze kréien, wéi dem Schüler seng Leeschtunge par rapport zum Landesniveau leien, gëtt et och en nationalen Test, also eben en Test, deen dee Verglach méiglech mécht. Dat ass keen Opnamexamen an et ass och an eisen Aen absolutt bedauerlech, dass dat nach ëmmer als nationalen Test, als Opnamexamen betruecht gëtt. An och munch Enseignantë schéngen de Sënn vun deem Test do net verstanen ze hunn; siehe Echternacher „School Leaks“.

Mam Gesetz vun haut hale mer fest, dass déi Orientéierungskommissioun nëmmen nach dann untrëtt, wann den Titulaire an d'Eltere sech net eens sinn. An dat ass gutt esou. A ronn 80%, a méi wéi 80% vun de Fäll ware sech jo béid Partner eens, an do kann ee jo dann och Zäit spueren. Ech géif mer wënschen an ech erwaarde mer eigentlech och, dass an Zukunft de Prozentsaz vum gemeinsamen Accord nach daitlech an d'Luucht geet. Dat misst fir mech d'Konsequenz sinn aus där ganzer Entwécklung, déi mer vum Cycle 1 u kennen.

Mir fannen et och konsequent, dass elo d'Méiglechkeet vun engem Examen ewechfällt. Den Examen ass ee Konstrukt, dass fir ganz vill Kanner en Échec bedeit. An d'Zuele schwätzen do eigentlech fir sech.

Mir hu jo och mëttlerweil eben eng Diskussionskultur an eise Schoulen. D'Eltere si beim Orientéierungsgespräch derbäi - dat ass och anescht wéi virdu - an hunn och en cas de litige e Stëmrecht. Mir hätten och souguer kee Problem dermat, wann d'Elteren d'lescht Wuert hätten. Wann déi Professionell hir Position net iwwerzeegend duergeluecht kréien, da sollen och d'Elteren hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

En attendant, dass mer dann iergendwann eng Kéier och esou wäit eventuell kommen, wëll ech dem honorabelen Här Baum Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun fir dësse Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, och vun eis, éischstens, e ganz grouse Merci un de Rapporteur fir e ganz komplette Rapport.

D'Wichtigkeet vun der Orientéierung ass natierlech net diskutabel. An duerfir si mer als ADR och der Meenung, dass d'Orientéierung all Effort justifiéiert, als Opwand justifiéiert, ob dat elo en Examen ass, ob dat eng Commission d'orientation ass, e Conseil d'orientation, wat och ëmmer. Ech mengen, et ass esou eng wichtig Décisioun fir d'Kanner, fir d'Elteren, dass den Opwand op jidde Fall justifiéiert ass.

Et ass wichtig, dass d'Elteren an d'Kanner esou gutt wéi méiglech informéiert sinn. An et ass och positiv, dass d'Elteren ëm hir Meenung gefrot ginn. Allerdéngs muss ee sech trotz alle Gespréicher an der Schoul awer d'Fro stellen: Wéi objektiv kënnen d'Elteren, déi ausserhalb vum Schoulbetrib sinn, hiert Kand nach aschätzen? No deenen Entwécklungen vun deene leschte Jore vu Kompetenzen, Kompensatiounen, Bilanen amplaz Zensuren, Smileyen zum Deel, a virun allem kee Klassement méi an de Klassen, ass et wahrscheinlech ganz schwierig fir vill Elteren, sech wierklech virzustellen - objektiv virzustellen -, wéi d'Leeschungen vun hire Kanner par rapport zu deenen anere sinn.

Derbäi kënnt nach, dass an dëser Prozedur jo net nëmme méi d'Schouleschtunge gekuckt ginn, mä eben och d'Interesse vum Kand, seng kreativ Talenter an aner Saachen. Et muss ee sech zesumme mam SEW d'Fro stellen, ob den Drock op de Schoulemeeschter net wiisst duerch déi Prozedur. An déi 80%, déi hei ëmmer zitéiert gi sinn, déi si jo awer an deem aktuelle System iwwereneestëmme. Wann elo d'Gewicht vun deem enge par rapport zu deem aneren daitlech klëmmt, wou de Konsensus soll gesicht ginn, da kann ee wahrscheinlech net dervun ausgoen, dass déi Ziel vun 80% Konsensus esou bäibehale gëtt. Déi ka sech och verschlechteren, déi muss sech net no uewen entwéckelen. Et muss einfach gefaart ginn, dass déi besser situéiert a méi aflossräich Eltere sech hei méi liicht kënnen duerchsetzen. Dat ass net sozial gerecht.

Et muss een och kucken, dass de Psycholog hei an de Rapporten zitéiert gëtt als een, dee kann intervenéieren, fir „inégalités liées à l'origine sociale“ auszugläichen. Dat ass an eisen Aen e grondsätzlecht Mëssverständnis vum Rôle vun engem Psycholog. Deen ass net do, fir Inégalités sociales auszugläichen, mä fir sech ëm d'Psyche vum Kand ze këmmere! Dat ass seng originell Aufgab.

An och déi Tatsaach, dass den Examen ewechfällt an dass deen eenzege Recours dann nëmmen nach den Tribunal ass, dass féiert jo derzou, dass déi Kommissioun jo och weess, dass, wat se net den Elteren nogëtt, dass se dann dem Stat e Prozess abrëngt mat alle Problemer. Also och do ass eigentlech derfir gesuergt, dass d'Vuë vun den Eltere sech kënnen duerchsetzen.

Dat ass net gerecht géint iwwer de Kanner. Et ass sozial net gerecht. Et huet eng ganz Rei Problemer, wéi de Stelwert vum Enseignant. An ech wëll lech e Beispill soen aus dem Ausland, wou dat hiéiert; an zwar aus dem däitsche Bundesland Hamburg.

Déi hunn den „freien Elternentscheid“. Dat ass liicht anescht wéi dat, wat mer hei hunn, mä praktesch d'nämlech. An déi hunn dee scho laang. An ech ginn lech e Beispill vun der Entwécklung. Am Joer 2000 zu Hamburg si 44% vun de Kanner an de Gymnasium gaangen, a Bayern zäitgläich 26%. An an de Gymnasien huet dat zu enger ganzer Diskussioun geféiert, op déi ech elo net kann agoen. Et war awer interessant. Mä op jidde Fall war den Écho eng Diskussioun an de Gymnasien, wéi d'Lehrerschaft, d'„Schulform“ an d'„Anspruchsprofil der Gymnasien“ sech kéinten op déi verännert Schoulschoulpopulatioun astellen.

Dat heescht, et ass u sech eng Ëmschreiwung fir den Nivellement vers le bas, well wa vill Kanner an de Gymnasium kommen, déi originär net predestinéiert si fir an dee Schoultyp, müssen déi Schoule sech natierlech ëmstellen. An am Abléck, 2016, ginn 58% vun de Kanner an de Gymnasium. A geschat gëtt vum Senat Hamburg fir 2020: 70%. D'Diskussioun zu Hamburg ass also am Abléck duerch den „freien Elternentscheid“ am Zäitraum vun eppes iwwer 15 Joer déi, ob de Gymnasium soll ofgeschafft ginn den Tronc commun soll ageféiert ginn. Dat sinn déi laangfristeg Konsequenzen.

Fir eis als ADR ass dat net déi richteg Richtung. Déi richteg Léisung ass, dass mer déi zwee Schoultypen, also déi zwou Haaptorientierungsspuren, de Lycée classique an de Lycée technique, an engem Sënn opwäerten an eben och déi manuell Beruffer an engem Sënn opwäerten, dass net ëmmer considéiert gëtt, dass deen, deen am Lycée classique ass, „besser“ - zwëschen Anführungszeichen - wär, wéi deen, deen e manuelle Beruff wëllt léieren.

Et geet derëm, d'Spezifisitéit an d'Attraktivitéit vun all Schoultyp, vun all Beruff, vun all Perspektiv fir déi jonk esou opzewäerten, dass wierklech e Choix ka gemaach ginn, ouni dass

mer an déi Mechanismen erakommen, wéi ech se elo fir Hamburg beschriwwen hunn, an ouni dass mer hei d'Léierpersonal an eng ganz schwierig Situatioun ersetzen.

Aus deene Grënn wäerte mir als ADR och dës Reform vun der Regierung net matdroen. Mir géifen eis wënschen, dass wierklech eng Orientéierung gemaach gëtt, déi net op esou soziale Kritäre leeft an déi eben, wéi gesot, och drun denkt, fir déi manuell Beruffer bei esou enger Geleeënheet opzewäerten.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Bis 1996 hate mer en Opnamexamen. Ech mengen, mir sinn am Prinzip wahrscheinlech nach all derduerchgaangen. Ah neen, vläicht emol net méi! Et ginn awer nach Leit, déi méi jonk sinn. Jo, ça ne me rajeunit pas.

An dat war natierlech schonn deemools problematesch. Et huet een et jo direkt gemierkt. Deemo a wat fir enger Primärschoul ee war, hat een op eemol duerno am Lycée e ganz anert Ëmfeld. Et ass ganz einfach. Ech hat nach d'Chance esou just, am Prinzip duerch meng enorm gutt Däitschenkenntnisser, trotzdem awer nach am Classique ze landen, awer dat war esou just. An ech war op eemol am Lycée classique, a quasi keng Aarbechterkanner méi, quasi nach just nëmme Lëtzebuerger Kanner oder Exceptionellen aus der Immigration.

Also, do gesäit ee souwisou, dass et eng sozial Selektivitéit gouf. Dat ass natierlech dunn ofgeschafft ginn. Huet et de Problem geléist? Neen! Et ass nach gefréckelt ginn dorunner e puer Joren drop. An elo fréckele mer erëm eng Kéier un der Selektioun, u sech un der sozialer Selektioun an der Schoul, déi elo weidergefuert gëtt.

Mir hunn e reelle Problem mat dësem Projet de loi, well, wéi Der wahrscheinlech och wësst, si mer der Meenung, dass et kee Sënn mécht, esou fréi ze selektionéieren, ab zwielef Joer, ab ganz jonkem Alter, fir d'Leit direkt op eng Schinn hinzeféieren. Och wann een duerno opfuert, fir d'Passerellen tëscht deenen dräi verschiddene Regimenter kënnen ze erliichteren, menge mer net, dass dat iergendeppes wäert fundamental änneren.

Et misst een déi Selektioun vill méi lues maachen, de Kanner och vill méi Zäit ginn a se net esou fréi trennen. An dat huet natierlech och mat der Opwärtung vu manueller Aarbecht ze di par rapport zur intellektueller Aarbecht. Well justement, wann ee verschidde Systemer huet, wéi et elo zurzäit de Fall ass, a wou een a Wierklechkeet...

Wann ee ganz éierlech ass, ass et jo esou, dass, wann een déi besser, et kann een net méi soen: „Notten“ huet, awer déi besser „Smileyen“ huet oder wéi och ëmmer, da geet een an de Classique. Dat, well och meeschtens d'Elteren dat wëllen, well se dovunner ausginn, dass et hire Kanner - net onbedéngt, soe mer, zu Recht d'ailleurs - méi Beruffsméiglechkeete wäert erméiglechen. Et huet ee weiderhin nach ëmmer esou eng Reproduktioun an eng falsch Approche.

A mir sinn der Meenung, dass d'Kanner net esou fréi misste getrennt sinn an dass een dat misst versiche vun der Gesamtschoul, wat scho versicht ginn ass virun...

(**Interruption**)

Jo, ech weess! Et gëtt ëmmer gesot: „Ach, ach, ach!“ Et ass e rout Duch. Et wëllt kee sech druntrauen, well et ass e rout Duch. Ech mengen emol net, dass et... Deemoools war et eng blo-rout Regierung. Also et ass och e blot Duch, deemo wéi. Mä et wëllt kee sech druntrauen. An dat huet mat politischem Courage ze dinn a Wierklechkeet.

An ech ka mer virstellen, dass et net einfach ass, déi fundamental Reform ze maachen, mä soulaang mer déi dote fundamental Reform net maachen, kënnen mer wahrscheinlech weiderhi fréckelen. A mir wäerten och no deem Gefréckels, wat haut dann ugehall gëtt, wahrscheinlech an e puer Joer erëm zesummen heihinnerkommen an et wäert erëm eng Kéier müssen dru gefréckelt ginn, well et fundamental de Problem net léist.

Am iwwerhaupt, et ass jo interessant ze gesinn, dass och d'Kanner u sech jo net esou richtig gefrot ginn, a wat fir engem Ordre d'enseignement..., dass dat net wierklech wouergehall gëtt. Firwat gëtt et net wouergehall? Mä well ee mat zwielef Joer nach net onbedéngt weess, a wat fir eng Richtung ee geet. Dat weess een nach net. Ech wouss et net an ech mengen, déi meescht vun lech woussten dat och nach



net. Et pour cause, well een nach vill ze vill jonk ass. An et gëtt ee schonn op eng Bunn geschéckt!

An et muss een och ganz gutt oppassen: Bis elo war et jo awer och ëmmer esou, datt e gewesenen Arbitraire kann herrschen an datt och vläicht d'Personal, deemno wéi, et zwar gutt mengt, mä sech awer vläicht seet: „Dat Kand do, hm... Doheem gëtt vläicht kee Lëtzebuer-gesch geschwat oder d'Eltere kommen aus engem méi schwache Milieu. Et bréngt guer näischt, dat Kand an de Classique ze schécken. Kommt, mir schécken dat an den Technique!“ Mat 15, 16 Joer entdeckt dat Kand vläicht, datt et eng aner Vokatioun hätt. Oder et kéint ee sech dat och ëmgedréint virstellen.

An da gouf natierlech och nach gesot: „Déi Épreuve commune, déi gëtt weiderhi betruecht wéi eng Aart Opmexamamen.“ Mä well mer fondamentalement de System jo net änneren! Et kann een u sech quasi den Enseignanten net virwerfen, datt se dat weiderhin esou gesinn, wann de System se invitéiert quasi, nach ëmmer an deem Schema ze denken.

Dofir, aus all deenen Ursaachen, och wann et zu kleng Verbesserung kënn, wäerte mir eis bei dësem Gesetzesprojet enthalten, well mer der Meinung sinn, datt een eng fundamental Reform vum Secondaire misst maachen an deem Sënn vun der Gesamtschoul an net einfach nëmme weiderhi fréckelen. A mir wäerten an deenen nächste Joren erëm eng Kéier dru fréckelen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo direkt den Éducatiounsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts wëll ech mech de Virriedner uschlëssen an dem Rapporteur, dem Gilles Baum, Merci soe fir eis souwuel a sengem schréfftleche Rapport wéi och an deem mëndlechen duerch déi Matière hei gefouert ze hunn. Ech soe Merci fir déi Schnellegeek och, mat där d'Chamber hei geschafft huet, virun allem alle Kolleegen an der Kommissioun, datt mer hei elo gutt virukomm sinn, fir datt mer déi Reform dann och am Cycle 4.1 d'nächst Joer ab der Rentrée kënnen ulafe loosse.

Ech wëll vläicht nach eng Prezisioun ginn, déi an der Debatt e bëssen ënnergaangen ass. D'Madamm Hansen huet gesot: Wou bleift d'Reform am Secondaire? Ech mengen, et ass ongeféier eng Stonn hier, datt ech hei stoung a gesot hunn, datt déi nach virum Summer wäert duerch de Regierungsrout goen.

Mä och ouni Reform am Secondaire hu mer awer haut schonn eng vill méi variéiert Offer, wat d'Sproocheprofiller vun de jeeweilege Sektouren an de jeeweilege Schoulen ubelaangt am Secondaire, wéi dat nach virun enger Rei vu Joren de Fall war. An eng vun de Motivatiounen, fir iwwerhaapt déi besteende Oriëntatiounsprozedur op de Leescht ze huelen, war eben och, fir datt mer déi doten ënnerschiddlech Sproochenoffer an de jeeweilege Schoulen am Secondaire méi staark solle considéréieren.

Mir wëssen, datt d'Oriëntatioun jo awer nach ëmmer haaptsächlech no deenen zwou Sproochen Franséisch an Däitsch an och no der Mathematik gemaach gëtt. A wann ech dann awer eng Klass hunn, zum Beispill am Enseignement secondaire, wou als Langue véhiculaire Franséisch ass an Däitsch als Friemsprooch ënnerriicht gëtt, vläicht och nach stoneméisseg verstärkert gëtt, fir e gewëssene Retard kënnen opzehuelen, dann erlaabt dat et, eben e Schüler op esou eng Klass hinzeorientéieren an den Enseignement secondaire, dee bei engem reguläre klasseschen Unterrecht am Secondaire classique vläicht déi Oriëntatioun do net hätt kënn kréien.

Duerfir musse mer eben där Diversifikatioun vun den Offres scolaires, virun allem am Secondaire, Rechnung droen, ganz besonnesch bei der Oriëntatiounsprozedur. Soss bidde mer Chancen am Secondaire, déi awer net kënn genotzt ginn, well d'Oriëntatiounsprozedur dat net zouléisst.

Nieft de Beispiller wéi deenen, déi ech elo genannt hunn - eng Filière mat Langue véhiculaire Franséisch -, gëtt et Classes à régime linguistique spécifique. Et gëtt och international Filiëren; ech denken un déi anglofon, ech denken un déi frankofon. Och dat, denken ech, muss onbedéngt an der Oriëntatioun tëscht dem Fondamental an dem Secondaire considéiert ginn.

Nun, en Haaptuleies awer vun dëser Reform ass, d'Eltere méi staark matanzebannen. Mir sinn eis jo alleguerten heibannen ëmmer eens,

wa mer soen, d'Elteren hunn hir Responsabilitéit, wat d'Erzéiung vun de Kanner ubelaangt, och par rapport zu deem, wat an der Schoul geschitt, scho par rapport zu deem, wat an der Crèche geschitt, och wa mer d'Kannerbetreuung ausbauen, an datt dat keen Argument ass, fir d'Elteren ze deresponsabiliséieren, mä datt se grad och mussen op hir Responsabilitéit als Mamm an als Papp higewise ginn.

Dat maache mer. Dat maache mer mat ganz kloer Messagen, déi an der Schoul, mä och schonn an de Crèche mussen un d'Eltere goen a wou mer se mat an d'Fonctionnement eranhuelen. Mä dann op eemol kënn awer en décisive Moment wéi hei d'Oriëntatioun tëscht dem Fondamental an dem Secondaire an de ganze Bildungssystem seet den Elteren dann: „Ben, et ass schéin a gutt, datt Der bis elo ëmmer heihinnerkomm sidd, datt Der matgehollef hutt, mä elo gitt Der wann ech gelift eraus! Mir decidéieren eleng fir Är Kanner a mir soen lech duerno, wat da geschitt ass.“ Dat, muss ech soen, huet mech awer gestéiert.

An ech fannen, datt mer elo hei e ganz gudd Wee aschloen, datt mer hei wierklech kucken, datt jiddweree mat responsabiliséiert ass: d'Elteren, well d'Eltere kenne sécherlech och hir Kanner - vläicht vun enger anerer Säit wéi d'Enseignanten an déi aner Professionell, mä awer si kenne se - a si wëssen och, wat méiglech ass, a wat vläicht net méiglech ass; an déi Professionell mat hirer absolutt professioneller Approch brénge sech och do an a kucken, fir e Konsens erauszeshielen.

Wichtig ass och, datt d'Prozedur éischter ufänkt, well dat ass d'Chance, datt mer herno wierklech nach méi lwwereneestëmmungen tëschent dem Avis vun dem Enseignant an dem Avis vun den Eltere kréien. Deen, deem um Enn vum Cycle 4.1 schonn en éischten Avis d'Oriëntation kritt a gesot kritt: „Wa sech elo näischt ännert an der Leeschtung an deem dote Fach, da wäerte mer warscheinlech op eng Oriëntatioun an déi dote Richtung histeieren“, deen huet d'Chance, nach eppes drun ze änneren, sech ze engagéieren, Efforten ze maachen, fir vläicht Schwächen opzeschaffen. Dat kann den Enseignant maachen; do kënnen d'Elteren hëllefen. Dat kann och de Schüler maachen.

A wann dann ee Joer méi spéit dat och wierklech eppes bruecht huet, denken ech, dann ass den Enseignant absolutt gutt placéiert, fir ze soen: „Jo, effektiv, villmools Merci fir deen Effort do. Da kann et och elo an déi dote Richtung goen.“ Mä d'Eltere gesinn awer vläicht och éischter an, datt et net an déi gewënschte Richtung geet, wann een ebe gesäit, datt och trotz Efforten et eben net zu enger Verbesserung an engem gewëssene Fach komm ass.

Duerfir fannen ech dat heite vill méi fair, wéi einfach herno, no zwar Gespräicher, mä wou jo eigentlech d'Oriëntatioun oft keen Thema ass, dann eréischt ganz, ganz zum Schluss, e puer Woche virum Schoulschluss am Cycle 4.2 en décisive Verdikt ofzeginn, egal ob dann do nach eng Épreuve de recours hannendru ka kommen oder net.

Ob do den Drock par rapport zu den Enseignanten elo géif klammen oder net - dozou stellen ech fest, datt hei awer eng gelunge Koalitioun entsteet tëschent CSV, ADR an SÉW, déi vläicht net ëmmer esou op enger Linn leien. Ech denken awer, datt jiddweree vun deene Professionellen,...

(Interruption)

...wann et do zu Drock géif kommen, datt jiddwereen, deen als Professionellen an der Schoul tätég ass, deen Drock och vläicht muss aushalen an em mat enger professioneller Haltung muss begéien an em mat gudden Argumenter muss begéien. Dat ass d'Aufgab och vun enger öffentlecher Schoul, fir ebe kloerzemaachen, wat geet a wat net geet.

An ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt et jo hei net esou ass, wéi et vum Här Kartheiser duergestallt ginn ass, datt d'Elteren dat lescht Wuert hätten oder scho quasi dat éischt Wuert hätten, an et géif just dem Avis nogoe vun den Elteren, esou wéi dat Hamburger Beispill hei skizzéiert ginn ass. Mä hei soll e Konsens erbäigefouert ginn iwwer eng Prozedur, déi iwwer e Joer laang dauert.

Wann deen net erbäigefouert gëtt, da sinn et net d'Elteren, déi eleng decidéieren, mä et ass eng Kommissioun, wou d'Elteren och derbäi sinn. Entgéint deem Gebrauch, wéi et haut de Fall ass, wou se net derbäi sinn, si se do derbäi. An da soll mat anere Leit, mat aneren Experten, mat anere Professionellen dat och nach eng Kéier zesummen diskutéiert ginn, fir ze kucken, ob dann do kann e Konsens entstoen.

A wann dee Konsens net kann entstoen an där Kommissioun, da muss déi Kommissioun tranchéieren, a finalement majoritär tranchéieren. An do ka jo kee behaupten, datt an engem Vott

d'Elteren all déi aner géifen do ënnert den Dësch kënn stëmmen. Duerfir ass do en Horroreanario skizzéiert ginn, dee jo wierklech net antrëtt!

Jo, et ass driwwer diskutéiert ginn, ob déi Épreuve de recours nach soll Bestand hunn oder net. Ech denken, datt duerch déi Commission d'orientation, déi jo hei nach eng Kéier no all deenen aneren Efforte siégéiert am Fall vun engem Désaccord, datt mer do eng Form vu Mediatioun hunn, wat absolutt och kann engem Recours gläichkommen.

Ech wëll hei net vun de Gerichter schwätzen, well déi jo souwisou net op de Fong kucke ginn, well déi jo éischter Prozedurfeeler géife kucke goen, wann dann iwwerhaapt. D'Erfahrung weist, datt do héchstens 5% vun deenen, déi déi Recoursépreuve gemaach hunn, dann och nach eng Kéier réusséiert hunn. Déi aner 95% hunn eigentlech nach eng Kéier gesot kritt, datt se et net packen. Dat solle mer deene vläicht erspieren!

An duerfir wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, well och kee géif garantéieren a keen haut garantéiert, datt déi, déi no där Épreuve do aneschtens orientéiert goufen, da besser orientéiert sinn. Da fannen ech et méi gescheit, datt mer déi Passerellen ausbauen an eben dat mat op de Wee huelen, wat de Rapporteur och an enger Motioun hei proposéiert, näamlech Efforten ze maachen, och Ressourcen ze mobiliséieren, fir datt déi Passerellen net nëmmen theoretesch Seuile sinn, déi ee muss errechen, mä datt mer dem Schüler hëllefen, déi och kënnen ze errechen.

Wann ech dat Beispill vum Lycée technique vun Esch genannt hunn, zesumme mam Direkter op enger Pressekonferenz, da war et, fir ze weisen, datt dat net Schüler sinn, déi op eng Septième EST orientéiert goufen a vläicht falsch orientéiert goufen an duerfir herno op eng Sixième ES gaange sinn, mä datt et méiglech ass, mat Efforten an och zousätzleche Ressourcen, déi déi Schoul do mobiliséiert huet, déi esou ze ënnerstëtzen, datt duerno dee Choix méiglech ass.

Do waren 20 Schüler vun all deenen, déi op Septième EST waren, déi dat proposéiert kritt hu vun hirer Schoul, déi Efforte gemaach hunn am Laf vun der Septième a konnten op eng Sixième ES goen. 13 hunn der vun deem Choix profitéiert. Déi allermeeschte wäerten och elo op eng Cinquième kënn weidergoen. Also och siwen hunn, obscho se déi Propos gemaach kritt hunn, net profitéiert. Dat, denken ech, ass och e Beweis, datt den EST absolutt och e positivt Bild huet an net jiddweree probéiert, do erauszekommen, mä scho jiddweree seet: „Neen, ech gesinn do absolutt Perspektive fir mech. An et ass genau dat, wat ech wëll maachen.“ An et soll jo och herno e positive Choix si fir jiddwereen.

Mä dat war eben net eng falsch Oriëntatioun, mä dat weist dat Potenzial, wat an de Kanner och nom zwielfte Liewensjoer stécht, nom Fondamental stécht, datt, wa richtig no hinne gekuckt gëtt, wa se ënnerstëtzt ginn, datt dann nach aner Passerellë wierklech net nëmmen an der Theorie, mä och an der Praxis kënn méiglech sinn. An duerfir, denken ech, solle mer dem Schüler do méi Ennerstëtzung ginn, fir säi Potenzial kënnen ze développéieren.

Zu gudder Lescht wëll ech nach einfach eng Kéier soen: Wann ech op der Pressekonferenz gefrot ginn, wat ech vun där Épreuve de recours halen, an dann dat nach eng Kéier widerhuelen, wat ech Méint virun an e Gesetzesprojet geschriwwen hunn, wou drasteet, datt mer déi wëiten ofschafen, dann denken ech wierklech net, datt ech do iwwert d'Kompetenz vum Minister erausgaange sinn an der Chamber op d'Plate-bandë getréppelt sinn.

Ech mengen, jiddweree kann dat soen, zu wat e steet a wat e probéiert duerchsetzen. Dat kann de Minister, dat kann d'Regierung, dat kann d'Chamber maachen. An näischt aneschtens hunn ech do gemaach! An ech denken och, datt ech et weider wäert maachen.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen direkt iwwert de Projet de loi 6985 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6985 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

32 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen a 25 Absten-tiounen. Domat ass de Projet de loi ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM.

Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zu der Motioun iwwergoen.

(Interruption)

Motion 1

Jo, fänke mer mat der Madamm Hansen un, an dann d'Regierung zum Schluss. Madamm Hansen, wann ech gelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir wäerten eis bei dëser Motioun och enthalten. Ech kucke just déi Inviten.

Deen éischten Invite, fir méi Ressourcen a Finanzen zur Verfügung ze stelle fir d'Procédure d'orientation, dat verstinn ech net genau, well d'Prozedur ass u sech net méi komplizéiert ginn. Si ass souguer méi einfach ginn. A mir spuere souwisou scho Sue bei der Kommissioun, déi mer eis jo aspieren. Et wär méi wichtig gewiescht an eisen Aen, e Konzept auszuschaffen, fir wierklech eng positiv Oriëntatioun ze maachen a Richtung Handwerk/Technique, datt dat u sech soll geféiert ginn. D'Talenter sollen erkannt ginn.

Deen zweete Punkt: differenzéieren. Dat heescht, ab dem éischten Trimester déi Schüler besser se encadréieren, déi ganz gutt schoulesch Resultater hunn. Och dat ass u sech nëmmen eesätég. Eng Differenzéierung muss lafend gemaach ginn a se muss och gemaach gi bei deene méi schwache Schüler, fir déi u sech méi wäit eropzebréngen.

Deen drëtte Punkt: fir d'Mise en place vun de Passerellen ze féerden. Domadder wäer mer averstane gewiescht. An dofir enthalte mer eis heibäi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Weider Wuertmeldungen zur Motioun? Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, villmools Merci. Mir wäerten eis och bei dëser Motioun enthalten. Et ass fir eis opfälleg, datt bei deem zweete Punkt «à sensibiliser les établissements...» do alt erëm eng Kéier an eng Richtung geduecht gëtt, well de Sous-entendu heibäi ass, datt déi Kanner, déi an den Technique oder an en anere Schoultyp orientéiert gi sinn, sollten u sech kënnen dann an de Lycée classique goen. Mä et sollt an déi zwou Richtunge geduecht ginn.

Et soll och esou sinn, datt, wann een an engem Lycée classique ass a fir sech entdeckt, datt en awer léiwer en handwierkleche Beruff mécht oder aner Talenter, aner Saache wëllt ausprobéieren, datt dat genauso soll considéiert ginn. An déi Formulatioun hei weist just, a wéi engem État d'esprit souwuel déi nei Orientéierungsprozedur wéi och déi Motioun hei geschriwwen goufen.

Mir kritiséieren och d'Considérenten, déi sech op eng nei Prozedur bezéien, déi mir net matdroen, wéi och aner Parteien hei am Sall.

Dofir wäerte mir eis bei dëser Motioun enthalten, well mer och prinzipiell dermat averstane sinn, datt et soll méiglech sinn, iwwer Passerellë vun engem Schoultyp an deen aneren ze wiesselen, awer, wéi gesot, an déi zwou Richtungen.



Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. D'Wuert huet sech nach den Här David Wagner gefrot.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Jo, mir wäerten eis enthale bei dëser Motioun, déi jo ganz fein ass, ganz nett ass. Si invitéiert d'Regierung, genuch Ressourcë fräizestellen, finanziell an human Ressourcë fräizestellen - il ne manquerait plus que ce soit le contraire! -, an duerno natierlech och, fir de Schüler, déi sech distinguéieren, ënnert d'Äerm ze gräifen. Dat ass natierlech net falsch. Mä ech mengen, étant donné datt ech och nach vir-drun dorobber agaange sinn, datt mer et nach weiderhi mat sozialer Diskriminatioun mat e-sem System ze dinn hunn, weess ech net, ob déi Motioun wierklech ganz wäit geet.

A finalement, deen drëtten Invite, deen ass jo wierklech entlarvend, well en invitéiert d'Regie-rung awer, d'Passerellen ze erliichteren tëschent deene verschiddene Regimmer, wat u sech jo e Beweis derfir ass, datt een a Wierk-lechkeet déi verschidde Regimmer net esou fréi op jidde Fall misst hunn an en anere Regimm misst hunn.

Aus all deenen Ursachen, well mer wierklech net ganz iwwerzeegt sinn, wäerte mir eis ent-halen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Keng weider Wuertmeldungen? Dann ass et un der Regierung.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Ech wëll just nach eng Kéier wid-derhuelen, datt mer mat där Motioun do d'ac-cord sinn an eigentlech dat och an der Cham-berskommissioun an och elo hei a menger Interventioun esou duergestallt hunn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwer-goen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Wie mat der Motioun d'accord ass, stëmmt mat Jo, a wien dergéint ass, mat Neen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

32 Jo-Stëmmen, 28 Abstentiounen. Domat wär d'Motioun ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle El-vinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini (par M. Claude Adam).

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval (par Mme Octavie Modert), Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Rendez-vous muer um zwou Auer. Merci.

An d'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 18.23 heures)

Sommaire des séances publiques n°s 39, 40 et 41

39^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 575
6832 - Projet de loi portant modification	
1. du Code de la sécurité sociale;	
2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant	p. 575-584
6940 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au programme multinational „Multi Role Tanker Transport“ (MRTT) (suite)	p. 584
6952 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'Énergie (suite)	p. 584
6820 - Projet de loi portant modification	
1) de la loi du 29 mars 2013 relative à l'organisation du casier judiciaire,	
2) du Code d'instruction criminelle,	
3) du Code pénal	p. 584-588
6946 - Projet de loi concernant le transfert national de déchets	
et	
6945 - Projet de loi concernant les taxes à percevoir sur les documents de notification des transferts de déchets nationaux et internationaux	p. 588-589

40^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 590
Discours de solidarité envers les victimes de l'attentat perpétré le mardi 28 juin 2016 à l'aéroport international Atatürk d'Istanbul	p. 590
Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser	p. 590
Déclaration gouvernementale sur les conséquences du résultat du référendum du 23 juin 2016 en Grande-Bretagne, suivie d'un débat	p. 590-596
Ordre du jour	p. 596
Motion de M. Fernand Kartheiser relative à la déclaration auprès de la Commission européenne que le Luxembourg souhaite que l'Accord économique et com-mercial global (AECG) ou Comprehensive Economic Trade Agreement (CETA) soit un accord mixte	p. 596-597
6959 - Projet de loi modifiant la loi du 18 décembre 2009 relative à la construction de la deuxième phase du Laboratoire national de santé à Dudelange	p. 597-599
6998 - Projet de loi relatif à la réalisation de la phase 1 de la route Nouvelle N3 entre la Gare centrale et le Pôle d'échange Bonnevoie	p. 599-603
6978 - Projet de loi portant	
1) transposition de la directive (UE) 2015/2060 du Conseil du 10 novembre 2015 abrogeant la directive 2003/48/CE en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;	
2) modification de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mo-bilière;	
3) abrogation de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts	p. 603-604
6591 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur,	
- fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;	
- modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;	
- fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;	
- abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur	p. 604-606
6975 - Projet de loi portant modification de la loi du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures	p. 606-611

41^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 611
Communications	p. 611
Ordre du jour	p. 611
Heure de questions au Gouvernement	
Question n°205 du 1 ^{er} juillet 2016 de M. André Bauler relative aux élèves intellectuellement précoces, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'En-fance et de la Jeunesse	p. 612
Question n°206 du 5 juillet 2016 de M. Laurent Zeimet relative à la politique de communication du Gouvernement sur la nouvelle loi sur les prestations familiales, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État	p. 612
Question n°207 du 5 juillet 2016 de M. Roger Negri relative à la circulation d'un train «Pendolino» entre Bruxelles-Luxembourg-Bâle et l'évolution des lignes ferro-viaires Luxembourg-Bruxelles et Luxembourg-Liège, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	
et	
Question écrite n°2125 du 6 juin 2016 de M. Gusty Graas relative au train du type «Pendolino», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infra-structures	p. 612-613
Question n°208 du 5 juillet 2016 de M. Marc Baum relative à d'éventuelles négociations bilatérales entre le Luxembourg et le Royaume-Uni, adressée à M. le Pre-mier Ministre, Ministre d'État	p. 613
Question n°209 du 5 juillet 2016 de M. Claude Adam relative au financement de la politique culturelle suite aux Assises culturelles, adressée à M. le Ministre de la Culture	p. 613-614
Question n°210 du 5 juillet 2016 de M. Aly Kaes relative à l'intervention de certains agents de l'Administration des douanes et accises dans le cadre du plan «VI-GILNAT» et des incidents avec des armes à feu survenus lors de ces interventions, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État	p. 614
Question n°211 du 4 juillet 2016 de M. Lex Delles relative à l'inscription des diplômes au registre d'enseignement supérieur, adressée à M. le Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche	p. 614
Question n°212 du 5 juillet 2016 de Mme Martine Hansen relative au développement futur du Lycée technique hôtelier Alexis Heck à Diekirch, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse	p. 614-615
Question n°213 du 5 juillet 2016 de M. Gusty Graas relative à la peronospora de la vigne, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Pro-tection des consommateurs	p. 615
Question n°214 du 5 juillet 2016 de M. Léon Gloden relative à la circulaire ministérielle 3196 ayant trait aux calculs de l'amortissement des infrastructures et des équipements d'assainissement des syndicats de communes ayant pour objet l'assainissement d'eaux, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur	p. 615
Question élargie n°18 de M. Marcel Oberweis relative au «fairtrade»	p. 615-616
Interpellation de Mme Françoise Hetto-Gaasch sur les troubles de l'apprentissage	p. 616-622
6985 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental	p. 622-626